



SANDWEILER

sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 27 November 2023

Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 30.11.2023

Madamm Buergermeeschtesch,
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengeréit erlaben sech Iech folgend Froen ze stellen a géifen sech iwwer eng Äntwert am Gemengerot vum 30.11.2023 freeën. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loosse, biede mir Iech an der Suite ons Är Äntwert an engem rasonablen Delai schrëftlech zoukommen ze loosse.

Fro 1:

Ufank November huet eng Biergerstonn stattfonnt. Wéi vill Bierger hu vun dëser Offer profitéiert? Wéi eng Froe vun ëffentlechem Interessi goufen dem Schäfferot gestallt a wéi gouf do drop geäntwert?

Fro 2:

Wat gëtt beim Fussballterrain geschafft? Wéi laang daueren déi Aarbechten? Wéini goug dee Projet un? Firwat hänkt keng Baugeneemegung do?

Fro 3:

De 14.11 gouf fir de SIAS en neie Bureau gewielt. Wéi eng Gemenge sinn do dra vertrueden? Wéi vill Stemmen hunn déi eenzel Leit kritt?

An der selwechter Sitzung goufe 4 Konventiounen gestëmmt:

- Schutz, Auffwertung und Vernetzung von Feuchtbiotopen
- Massnahmen zum Erhalt der letzten Vorkommen des Rebhuhns (Perdis perdis)
- Förderung der Bestäuber im Siedlungsraum
- Förderung der Bestäuber in der Weinbauregion Mosel.

Ass Sandweiler vun den 3 éischtgenannte Konventiounen och betraff a wéi eng Mesurë sinn an deene Konventiounen virgesi resp. wéi sollen déi Saache gefördert gi?

Fro 4:

Mir als CSV Gemengeréit kréie reegelméisseg Invitatiounen fir Comitésversammlungen vu Syndikater. Leider hu mir bis elo keng betreffend Comitésversammlungen vum SIGI kritt. War am SIGI nach keng Versammlung am/nom Summer? Wann dach, wat gouf do decidéiert?

Fro 5:

D'Gemeng huet e Poste fir en „Employé communal A1 fir relations publiques et événementiel“

Bei den Aufgaben déi deen Employé ze maachen huet, stoung vun dem Poste stoung: „réponses au commentaires sur Facebook“. Well de Schäfferot de Bierger an Zukunft nees erlaben seng Meenung an der Kommentaren op Facebook matzedeelen? Des Méiglechkeet gouf de Bierger an enger vun den éischten Handlung vum neie Schäfferot geholl.

Weiderhi stoung do: „préparation des discours pour le collège échevinal“

Gin déi Riede vun der Buergermeeschtesch an dem Schäfferot an Zukunft vum Personal geschriwwen a gouf dat och an de leschte Méint schonn sou gemaach?

Fro 6:

D'Madamm Buergermeeschtesch huet virun de Walen den 20. Mee op RTL Radio gesot LSAP hätt sech zur Aufgab gemaach duerch Duerf ze goen, an ze kucke wat fir eng Appartementer an Haiser eidel stinn.

Kennt dir eis soen ob dat scho gemaach gouf? Wann jo wéi vill Wunnenge goufe repertoriéiert? Wat gouf betreffend dëse Wunnengen ënnerholl?

Fro 7:

De leschte Gemengerot huet verschidde PAP'e gestëmmt. Kennt Dir eis matdeelen, wou dës PAP'e am Moment dru sinn, virun allem den „PAP Ënnert dem Bierg“, de „PAP Duerfkär“ an de „PAP rue de la Vallée“?

Fro 8:

Laut Gemeengekalenner sollt de Sonndeg 5. November 2023 déi traditionell „Fête internationale de l'amitié“ stattfannen. Dëst war awer net de Fall. Ass et richteg, dat Virbereedunge schonn am gaange waren a scho Leit sech gemellt haten fir e Stand ze maachen? Wisou konnt dat flott Fest net stattfannen?



Romain DUMONG
Conseiller



Jean LEMMER
Conseiller



Simone MASSARD-STITZ
Conseillère